

# Den Aussaz

Dësen Dag war keen wéi en aneren, dat stoung de Männer am Gesiicht geschriwwen, wéi se nom scho bal feierlechen Akt laanscht d'Uelzechtmauer op de Restaurant lassgaange sin.

Dee loug e puer honnert Meter méi wäit, och laanscht d'Waasser an hat e Sällchen, extra fir Gesellschaften, déi gären ënnert sech sin.

Och op dësen Dag war et e Genoss, fir do ran ze gon, derbäi ze sin. D'Dëscher stoungen an U-Form widderenee gereckelt, a laanscht d'Fënstere war e kale Büffee opgeriicht, deen sech, direkt op den éischte Bléck, gewäsch a gekämmt hat. D'Fläsche Wäin an Áiskiwwelen op den Dëscher hun e véierjäerege „Grand Premier Cru“ versprach, mä de Mann am laange gréng Schiirtech an nieft dem extra opgeriichte Béierfaass, huet verroden, dass mer hei och an engem Véirel waren, dass d'Bräuereisschminnié fréier een nieft deem anere stoën hat.

Frësch gepléckte Schlësselsblumen, zwee Buckiën op all Deel vum U, hu Fréijor verbreet, a méngerwärech, dese spëiden Abrëll hätt jo och nët méi waarm a frëndlech kënne sin.

Mä dass war nach nët alles: Uewen am Eck stoung eng elektresch Uergel, an en eeleeren Här, och am gréng Rollefaxeschiirtech, huet lëtzebuerger Lidder improviséiert; fir d'éischt duuss, als Hannergrondmusek, herno, wéi de Büffee schon nët méi sou appetittlech ausgesinn huet, nawell e wéineg méi haart. "T wier fir matzesangen, huet de Mann du gemengt, mä gesonge gouf awer réischt, wéi de Minister a säi Schofer fort waren.


Aja, wie war do alles do? Männer (nët eng eenzeg Fra) aus e puer Verwaltongen, déi alleguerten iigendwéi eppes mat deem ze dinn haten, wat virdrun, an deem scho bal feierlechen Akt bei der Uelzecht, geschitt war. Awer och d'Press war do (mat zwou Fraën seguer), well soss hätt dat Ganzt vum Enn jo kee Sënn gehat.

D'Männer aus de Verwaltongen an och d'Leit vun der Press wouste jo genee, em wat et géing, jhust gaange war, mä 't war dach schéin, et nach eng Kéier aus dem Mond vum Här Minister ze héieren, well da wouste een eigentlech réischt richtig, wat do fir e „politeschen an historeschen Akzent gesat“ gi war. Ee besonnesch fläissege Reporter huet sech no der Ried seguer heemlech aus an de Café verdréckt, fir vun do aus a séng Redaktioun unzeruffen an e puer substantziell ministesch Zitaten duurchzediktieren; dass war séng Zeidong muer virun deenen anere vir.

Et war jo och wiirkelech eppes Aussergewöhnleches geschitt; als Kréinong, sot de Minister, vu laangen an haarden Aarbechten, déi virdrun, souzesoen hannerwands, gelaf wiren.

„Haut si mer souwäit“, sot en, „dass mer d'Péitruus nees propper hun; dass déi Betriber, déi virdrun hiirt knaschtegt an dacks géftegt Waasser ëmmer an ëmmer rem onjhenéiert dragekéiert hun, op d'Fangere geklappt kruten, an dass zerguttst an definitiv! Mä“, sot de Minister an huet eng Schlupp vum „Grand Premier Cru“ genoss, „dass wichtegst as, eis Milliounen, déi mer an d'Kläranlagen investéiert hun, maachen sech lo bezuelt. Eis lescht Waasseranalysen – an dass kann eis den Här Bartolomäus hei nieft mir konfirmieren – sin sou konfirmant a konkluant, dass mer eis zu deem grouse Schrack entschléisse konnten, dee mer haut an lo jhust gemaach hun (nach eng Pouz "Gr.





Pr. Cr.): Mir konnten haut nees Fësch an d'Uelzecht setzen! Wuel as et eng Zort (. . . wéi heescht se scho méi, Här Maller? . . . Wéi? . . . 't as och egal), déi extrem resistant as, also nach laang keng Frellen, mä ëmmerhin. An dat as derwäert, hei grouss rausgestrach ze gin, dir Hären, pardon, dir Damen an dir Häre vun der Press; eis Uelzecht huet nees Fësch!"

Duerno huet den Här Minister nach gemengt, en hätt lo schons d'Visioun, dass an nët allze fären Zäiten och nach aner Zorten – a firwat nët och Frellen? – nokéimen; an datt an eiem Nationalfloss, mat séngen dann och nees ausgestallte Fëschpermi'en, de liewege Bewäis (en huet besonnesch op „lieweg“ gedréckt) vun engem neien, ëmweltfrëndlechen, politeschen Denken erbruecht wir.

Dat souz. E puer vun deenen aus de Verwaltungon hätt en Hoër d'Hemecht ugestëmmt, mä de Mann op der Uergel huet jhust séngem anere Kolleg am grénge Schiirtech missen hëllefen, fir d'eidel Klenschen ronderëm d'Faass nozefëllen. D'Journalisten hate souwisou nach e puer Froën, besonnesch déi un den Här Maller, wéi déi ausgesate Fësch da richtig géingen heeschen a wéi dat geschriwwé géif.

Dobausse bei der Uelzecht stoungen därbaans nach ëmmer e puer Leit, well se soss näischt ze dongen haten, an hun an d'Waasser gestuurkt. Virun enger Véirelstonn haten hirer zwéin nach ee vun den zweedausend Fësch gesinn („muer wëllen se de Rescht, nach dräidausend Stéck, aussetzen; se kommen aus der Tschechei“), mä lo huet ee kee Schwanz méi gesinn.

„Déi verdeelen sech séier“, huet e Pätter gemengt, deen déi lescht Fësch laang virum Krich an der Uelzecht gesinn hat.

Ongefëier ëm déi Zäit, wéi den Här Minister mat sénger Ried fäerdeg war an dee fläisseg Journalist un der Strépp hong, sot e Bouf dobause bei de Leit: „Kuckt ees, d'Waasser gët ganz faarweg!“ Déi Grouss hun hiren Aën nët getraut, mä de Bouf hat recht, de Pätter huet d'Wuert ausgeschwat: „Masut!“

Den Här Minister as an deem Ablack iwuer d'Bréck gefuer a sot zu séngem Schofer: „Kuck, d'Leit stin nach ëmmer do!“ Am Café huet, jhust wéi de Kaffi an de Quetsche flued koumen, den Telefon gerabbelt, an den Här Bartolomäus as rausgeruff gin. Op d'Fro vum Hausmeeschter aus där grousser Kläranlag, e puer Kilometer méi rof am Uelzechtall, wou all déi vreckte Fësch hirkéi-

men, konnt en réischt no engem giedlechen Otemzuch äntwerten; „Dat as dach nët méiglech“, sot en, „mer hun se jhust réischt ausgesat.“

Hie war bleech am Gesiicht, wéi en nees an de Sällche koum an sech, ouni e Wuert ze son, eng duebel Mirabell an de Kaffi geschott huet.

D'Leit bei der Uelzecht stoungen nach do, wéi d'Sireene gehault hun an d'Pompjeë koumen, fir de Mazout opzefänken. De Kommedant krut e Laachkrämpchen, wéi en dat vun den tschechesche Fësch héiren huet.

Dobannen – de Büffee war därbaans nach jhust gutt fir ofzeraumen, hat keen eppes matkritt, och deen dichtege Journalist nët. 'T gouf lo méi Béier wéi Wäi gedronk, an lo gouf begeeschtert matgesongen. Een huet seguer d'Kachkéislidd ëmgedicht a proposéiert: „Eieieiei, mir hun nees Uelzecht-fësch! / 'T as ee Genoss, gläich kommen s'op den Dësch!...“, mä duerno as him näischt méi agefall.